LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 SEP. 2019

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 6 septembre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1003 du 1er août 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

Gemeinsam Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir bannenzeg Sécherheet a vum Här Lex DELLES, Minister fir Mëttelstand, op déi parlamentaresch Fro n°1003 vum 1. August 2019 vum honorablen Deputéierte Marc GOERGEN

D'Regierung weess Bescheed, dass vereenzelt Leit déi benannten Aktivitéit vum « Grand Voyant » ubidden. De Mëttelstandsminister stellt awer keng Handelsermächtegung fir « Grands Voyants » aus, well d'Aktivitéit vum « Grand Voyant » net spezifesch reglementéiert ass.

Prinzipiell ass zréckzebehalen, dass fir all Service-Leeschtung eng Handelsermächtegung fir « activités et services commerciaux » muss virleien. Et gëtt keng statistesch Erfaassung iwwer déi ausgestallten Autorisatiounen u « Grands Voyants ». Et ass dofir och net méiglech eng präzis Zuel unzeginn, wéi vill « Grands Voyants » mat enger Handelsermächtegung fir « activités et services commerciaux » exerzéieren.

Och wann d'Aktivitéit vun engem « Grand Voyant » net d'office als illegal ka betruecht ginn, sou ass et awer wichteg ze betounen, dass d'Honorabilitéit vum Demandeur systematesch kontrolléiert gëtt wann eng Handelsermächtegung ugefrot gëtt :

- Wa belaaschtend Elementer (wéi zum Beispill eng Veruerteelung) sollte virleien, gëtt keng Handelsermächtegung ausgestallt.
- Wa belaaschtend Elementer eréischt virleien, nodeems eng Handelsermächtegung ausgestallt gouf, gëtt dës Handelsermächtegung zréckgezunn.

Mir verweisen op dëser Plaz dofir op den Artikel 6 vum ofgeännerte Gesetz vum 2. September 2011 (*Loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales*) wou d'Bedingunge vun der Honorabilitéit am Detail beschriwwe sinn.

A deene Fäll wou d'Direction générale des Classes moyennes a Kenntnis gesat gëtt, dass eng kommerziell Aktivitéit ouni Handelsermächtegung ausgeüübt gëtt, setzt de Ministère sech mat de Servicer vun der Douane a Kontakt fir eng Kontroll op der Plaz unzefroen.

D'Aktivitéit vum « Grand Voyant » ass net tel quel am Code Pénal definéiert, sou dass d'Police och keng cibléiert Renseignementer dozou huet. Eng Recherche bei de Sektiounen « Crime général » an « Répression du grand banditisme et vol organisé » vum Service de Police Judiciaire huet 5 Affären identifizéiert, dovunner hu 4 zu enger Condamnatioun an eng zur Verhaftung vun engem « Grand Voyant » gefouert :

Unité	Année	Infraction retenue
SREC Esch-sur-Alzette, section Crime general	2009	Escroquerie (art.496 du CP)
SREC Luxembourg, section Vols organisés	2014	Abus de faiblesse (art.493 du CP)
SREC Luxembourg, section Vols organisés	2015	Abus de faiblesse (art.493 du CP)
SREC Luxembourg, section Vols organisés	2016	Abus de faiblesse (art.493 du CP)
SREC Diekirch, section RGB	2018 (en cours)	Abus de faiblesse (art.493 du CP)

Et sief ze bemierken, dass et 2009 nach net d'Inkriminatioun vum « abus de faiblesse » gouf.

Den Service de Police Judiciaire mécht keng Enquête vu sech aus, mee gëtt eréischt beim Dépôt vun enger Plainte aktiv.